N°3958
Entrée le 22.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°3958 vum 21. Abrëll 2026 vum honorabelen Deputéierten Michel Lemaire.**

**1) Gesäit d'Madamm Minister fir, déi bestoend Entrée op de Parking vun der Luxexpo an Zukunft ze erweideren oder eng zweet Entrée aus enger anerer Richtung bäizebauen, fir de Verkéier zukünfteg op méi ënnerschiddlech Achsen ze verdeelen?**

De Site Luxexpo ass e wichtege Veranstaltungs- an Ausstellungszentrum um Kierchbierg. D'Gestioun vum Site, inklusiv de Parkingen, läit bei der Gesellschaft Luxexpo The Box, déi als eegestänneg Struktur operéiert. D'Organisatioun an d'Gestioun vun den Aktivitéiten op där Plaz falen deemno net ënnert déi direkt Responsabilitéit vum Staat.

**2) Wéi war déi Decisioun begrënnt, ausgerechent zu deem Dag zu där Auerzäit op där Plaz d'Markéierungen ze erneieren? Wéi een Zerwiss war duerfir zoustänneg a wéi goufen déi Aarbechten tëschent den eenzelen Administratioune koordinéiert?**

Et ass richteg, datt vum 19. bis den 22. Abrëll 2026 d'Schoulfoire 2026 um Site Luxexpo stattfonnt huet. Fir de Grand public war dës nëmmen e Sonndeg, de 19. Abrëll ab 11 Auer moies, op, wou keng Aarbechten ausgefouert goufen. D'Schoulklassen aus dem Primaire, déi tëscht dem 20. an dem 22. Abrëll deelgeholl hunn, si gréisstendeels mam Bus oder mam ëffentlechen Transport ukomm. De sougenannte Léierplazendag huet den 21. Abrëll am Nomëtte stattfonnt.

D'Marquage-Aarbechte goufe regulär vun der Stroossebauverwaltung am Optrag vum Fonds d'urbanisation et d'aménagement du Plateau de Kirchberg (FUAK) den 20. Abrëll duerchgefouert, also wärend engem Dag dee fir d'Schoulklasse reservéiert war. Et ass net nogewise, datt dës Aarbechten zu engem aussergewéinleche Stau gefouert hätten. Doriwwer eraus goufen d'Aarbechten an der Kräizung Circuit de la Foire/Hugo Gernsback op de Fuerstreifen a Richtung Boulevard Pierre Frieden ausgefouert a stinn domat net an engem direkte funktionellen Zesummenhang mat der Entrée zum Parking.

Lëtzebuerg, den 22. Mee 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes